
Realiséiert Aarbechten a Projete wärend der Legislaturperiod 2017-2023

# Bilan

## 2017-2023



Gemeng Conter

**Ëffnungszäite vun der Gemengeverwaltung**

**Méindes bis freides**
08.15 - 11.30 & 13.30 - 16.30

**Op Rendez-vous**
07.00 - 8.15 & 16.30 - 18.30

| Gemengeverwaltung | | info@contern.lu |
|---|---|---|
| Sekretariat | **35 02 61** | secretariat@contern.lu |
| Personalbüro | | rh@contern.lu |
| Biergercenter | | population@contern.lu |
| Kommunikatioun | | communication@contern.lu |
| Recette | | recette@contern.lu |
| Finanzservice | | facturation@contern.lu |
| Schoulservice | | servicescolaire@contern.lu |
| Techneschen Déngscht | 35 85 06 | technique@contern.lu |
| Technesch Permanence | 661 12 37 79 | info@contern.lu |

| Schäfferot | | schaefferot@contern.lu |
|---|---|---|
| ZOVILÉ-BRAQUET Marion, Buergermeeschtesch | | bourgmestre@contern.lu |
| SCHILTZ Fernand, 1. Schäffen | | |
| JUNGBLUT Tom, 2. Schäffen | | |

| Jugend | | |
|---|---|---|
| Schoul | 26 78 69 - 1 | www.schoul-conter.lu |
| Concierge | 26 78 69 - 569 | |
| Maison relais | 35 02 61 - 560 | www.rcon.elisabeth.lu |
| Spillkëscht Mutfert | 35 84 02 - 400 | |
| Jugendhaus Mutfert | 35 84 02 - 420 | |

| Sozial Servicer | | |
|---|---|---|
| Office social | 27 69 29 | |
| Syrdall Heem | 34 86 72 | www.syrdallheem.lu |
| Iessen op Rieder | 26 55 00 54 | www.servior.lu |
| Pro Actif | 27 33 44 - 1 | www.proactif.lu |

| Aner | | |
|---|---|---|
| Policebüro Syrdall | 244 78 - 1000 | www.police.lu |
| Conti Bus | 8002 20 20 | www.flexibus.lu |
| Recyclingzenter Mënsbech | 34 72 80 | www.rc-munsbach.lu |

# Inhaltsverzeechnis     Bilan vun der Gemeng 2017-2023


Virwuert 4

Infrastrukturen 6

Gënschteg Wunnméiglechkeeten 16

Sécherheet a Mobilitéit 18

Ëmwelt a Klima 28

Kultur a Sport 36

Liewensqualitéit 42

Bildung 46

Administratioun a Personal 48

Soziales 52

Corona-Pandemie 56

Ukrain 58


Verschidden Ukeef 60

Statistiken 62

Ustoend Projeten 64



# Virwuert




*De Schäfferot: Tom Jungblut, Schäffen; Marion Zovilé-Braquet, Buergermeeschtesch; Fernand Schiltz, Schäffen*

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An dëser Informatiounsbroschür fannt Dir de Bilan vun alle gréissere Saachen, déi dëse Schäfferot an de leschte 5 Joren an der Gemeng ëmgesat huet – dat sinn iwwer 90% vun deene Punkten, déi de Schäfferot Iech 2017 a senger Schäfferotserklärung versprach hat.

De Schäfferot huet et fäerdegbruecht, fir ganz grouss a wichteg Projeten ze plangen, auszeschaffen, ëmzesetzen oder unzefänken – an dat trotz der Pandemie an trotz dem Ukrain-Krich, deen eng Energie- a Wirtschaftskris ausgeléist huet.

Déi gréisste Projeten, wéi de Bau vun enger zweeter Sportshal um Schoulsite Um Ewent an d'Vergréisserung vun der Schoul an der Maison Relais, kruten duerch d'Pandemie ee bis annerhalleft Joer Verspéidung a wäerten dëst Joer nach ufänken. Dat selwecht gëllt fir den neien Duerfzentrum mat enger Tempo-30-Zon, d'Renovatioun vun der Conter Stuff an d'Planifikatioun vun engem neie Gemengegebai an der aler Schoul, woubäi d'bestoend Bausubstanz genotzt gëtt.

De Projet vun der neier Gemeng an der aler Schoul zu Conter ass absolut noutwenneg, well dat aktuellt Gemengegebai leider scho bei der Aweiung 2017 ze kleng war. De Plang vun dësem Schäfferot ass et, fir dat bestoend Gemengenhaus spéider u verschidden Dokteren ze verlounen. Do kéint dann eng „Maison médicale" entstoen, mat eiser Apdikt am Rez-de-Chaussée vum Gebai.

Déi vill Chantiere weisen, dass vill geschitt. Ural Infrastrukture fir Waasser, Gas, Elektresch asw. mussen erneiert ginn, fir dass d'Reseaue fir déi nächst Joerzéngte gutt funktionéieren. Fir Iwwerschwemmungen an eise Stroossen ze verhënneren, ginn an der ganzer Gemeng Drosselen agebaut a Kanäl gezunn, fir d'Uewerflächewaasser ze evakuéieren. Donieft leet d'Post hire Glasfaserreseau, fir dass mir endlech méi e séieren Internet kréien.

Fir den ëmmer méi schlëmmen Duerchgangsverkéier ze berouegen, si vill Mesure geholl ginn, fir d'Vitess ze drosselen – an dat an all eisen Dierfer. Duerch d'Installatioun vu bloe Këssen, der Beliichtung vun den Zebrasträifen, d'Schafe vun neien Zebrasträifen an zousätzleche roude Luuchten hu mir d'Sécherheet vun de Foussgänger vill verbessert – an dës Mesurë sollen och an Zukunft weidergefouert ginn. Duerch d'Ausschaffe vun engem séchere Schoulwee ass och d'Sécherheet vun eise Kanner weesentlech verbessert ginn. Duerch d'Astelle vun engem Agent municipal an d'Iwwerschaffe vun eisem Verkéiersreglement hu sech d'Sécherheet, d'Propretéit an d'Zouparke vun eisen Dierfer wesentlech verbessert.

Dat Wichtegst an dëser Legislaturperiod war fir eis ëmmer d'Wuelbefannen, d'Sécherheet an d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner, an och wollte mir déi beschtméiglech Konditioune schafe fir d'Ausbildung an den Encadrement vun eise Kanner, mat familljefrëndlechen Infrastrukturen an eise 4 Dierfer. D'Erhale vun eisem Duerfcharakter an d'Liewen am Respekt mat eiser Natur, eise Bëscher an eisem Waasser ass a bleift den A an O bei allem, wat mir plangen an ëmsetzen.

Fir eis Gemeng, déi ëmmer weider wiisst, prett ze maache fir d'Zukunft war eng Ëmorganisatioun vun eiser Gemengenadministratioun, d'Schafe vun neie Servicer an domat d'Astelle vu neie Leit absolut noutwendeg. Duerch d'Uschafe vu modernem an adequatem Equipement fir eis technesch Servicer kënne mir elo vill Suen an Zäit aspueren.

Merci eisem ganze Personal fir seng Aarbecht! Am Numm vum Schäfferot wëll ech och all de Membere vum Gemengerot Merci soe fir d'Zesummenaarbecht an deene leschte 5,5 Joer. An elo schaffe mir weider fir Iech mat Motivatioun, Energie an Engagement!

**Marion Zovilé-Braquet**
Buergermeeschtesch




# Infrastrukturen

## Upassung vum Bebauungsplang

De Schäfferot huet zesumme mam Ingenieursbüro ECAU den allgemenge Bebauungsplang iwwerschafft an am Juli 2021 a Prozedur ginn. Déi bebaubar Zone vum PAG setze sech aus dem PAP Quartier existant (QE) an dem PAP Nouveau Quartier (NQ) zesummen a bestinn aus insgesamt 215,20 ha, agedeelt an 153,14 ha QE an 62,06 ha NQ. Viraussiichtlech wäerte mir d'Approbatioun am Fréijoer 2023 kréien.

*Adaptation du plan d'aménagement général*



## Pacte logement 2.0

De Schäfferot huet den 3. September 2021 déi initial Konventioun zum „Pacte logement 2.0" ënnerschriwwen. D'Zil ass et, d'Offer vun erschwénglechem Wunnraum um Territoire vun der Gemeng ze erhéijen. An Zesummenaarbecht mat engem Bureau d'études gëtt déi 1. Phas vum „Plan d'action local logement" (PAL) ausgeschafft.

*Signature de la convention pacte logement 2.0*




## PAP Contern Sud

D'Gemeng Conter huet am Zesummenhang vun der Schafung vu bezuelbarem Wunnraum 2021 fënnef Haiser mat engem Bail emphythéotique verkaf, esou datt d'Grondstéck a Gemengenhand bleift. Zousätzlech si weider Grondstécker iwwert e Punktesystem verkaf ginn.


*Afin de soutenir les jeunes habitants dans leur démarche importante vers une vie indépendante, la commune de Contern a vendu plusieurs logements à des prix abordables.*



## PAP An de Leessen 3 (Conter)

De Gemengerot huet en Deelbebauungsplang fir d'Erschléissung vu Bauland zu Conter „An de Leessen" ugeholl. Dëse Plang betrëfft 42 Louse mat 47 Wunneenheeten, dovunner 41 Haiser an 1 Méifamilljenhaus mat 6 Wunnengen. Ausserdeem huet de Gemengerot eng Konventioun iwwert d'Ausféierung vun Infrastrukturaarbechten ugeholl.

*Vote du PAP „An de Leessen" par le conseil communal*



## Neie PAP zu Millbech

Zu Millbech ass en Deelbebauungsplang, bestoend aus Eefamilljenhaiser an engem Méifamilljenhaus, laanscht der Eisebunnsstreck a Planifikatioun.
Et mussen nach e puer Punkte gekläert ginn, éier de finale Projet a Prozedur ka goen.

*Un plan d'aménagement particulier est en cours d'élaboration au quartier Millbech.*



## PAP Méidenger Strooss

De Schäfferot huet en Deelbebauungsplang „rue de Medingen", deen 3 Gebaier mat 4 Wunneenheete virgesäit, op seng Konformitéit hin iwwerpréift an a Prozedur ginn. De Projet ass vum Gemengerot ugeholl an am Juni 2021 vun der Inneministesch approuvéiert ginn.

*Mise en procédure du PAP Rue de Medingen*



## PAP Bei der Hiel

De Schäfferot huet den aus dem Joer 2005 stamenden Deelbebauungsplang „Bei der Hiel" ugepasst. Dëse gesäit 33 Louse mat 16 Eefamilljenhaiser, engem Zweefamilljenhaus souwéi dräi Méifamilljenhaiser vir. D'Infrastrukture si schonn ofgeschloss an déi éischt Gebaier goufe vun der Buergermeeschtesch geneemegt.

*Adaptation du PAP Bei der Hiel – 33 lots, dont 16 maisons unifamiliales, 1 maison bifamiliale et 3 résidences*



## PAP Op der Hiel

Den neie Bebauungsplang „Op der Hiel“ ass den Ament a Prozedur. E gesäit 146 Louse mat Haiser a Méifamilljenhaiser vir. Insgesamt solle ca. 230 Wunneenheeten op ronn 9 ha Fläch entstoen. Nieft sällege Gréngfläche mat Spillplazen ass d’Usiddlung vun enger Crèche souwéi vu klenge Geschäfter an dësem neie Véirel geplangt.

*Le projet PAP Op der Hiel est actuellement en procédure. Ce projet contient entre autres 146 lots de maisons et appartements.*



## Fir den Héichwaasserschutz

D’Gemeng Conter huet zesumme mam CGDIS, mat der AGE a mam Bureau d’études Bunusevac den 10. Mäerz 2022 op eng Informatiounsveranstaltung agelueden. Den 2. Mee huet de Schäfferot eng 2. Offer fir eng Etüd iwwert d’Vermeidung vun Héichwaasser an eisen Dierfer ënnerschriwwen. D’Waasser soll kënfteg besser bei staarkem Reen opgefaange ginn. Käschtepunkt: ronn 70.000 €.

*La commune de Contern a investi environ 70.000 euros dans une étude sur les préventions des inondations.*



## Waasserleitung an der Rue de Remich

De SIDERE an d’Gemeng hunn an der Réimecher Strooss zu Mutfert jeeweils eng Waasserleitung erneiert. Op engem Deel ass e Reewaasserkanal verluecht a beim Fussballterrain ass e Réckhaltebecke vum SIDEST gebaut ginn. De Gros vun de Käschte si vun der Gemeng iwwerholl ginn.

*Renouvellement des conduites d’eau par la commune et le SIDERE et construction d’un bassin de rétention par le SIDEST à Moutfort*



## Erneierung vun der Kanalisatioun

De Gemengerot huet 2018 insgesamt Käschte vu ronn 3 Milliounen Euro fir d'Erneierung vun der Kanalisatioun zu Conter (rue des Prés, rue de Syren a rue de Moutfort) accordéiert. D'Aarbechte goufen Ufank Mäerz 2023 ofgeschloss.

*Renouvellement de la canalisation à Contern*



## Eng Filteranlag fir d'Millbecher Quell

Zesumme mat der Firma BEST huet de Schäfferot viru Kuerzem e Projet fir eng Filteranlag fir d'Millbecher Quell ausgeschriwwen. Am Budget 2023 si ronn 1,22 Milliounen € virgesinn. D'Quell liwwert 2.500 m3 Waasser pro Dag, wat de Besoin vun der Gemeng 3x ofdeckt. D'Virdeeler: en niddrege Waasserpräis an d'Spuere vu Ressourcen.

*Source Millbech : projet d'une installation de filtration*



## Nei Réckhaltebecken

An der Gemeng gi bzw. goufen nei Réckhaltebecken installéiert: an der Réimecher Strooss zu Mutfert (Käschtepunkt: 3.805.811 €), an der rue de la Source zu Millbech (Käschtepunkt 3.406.339 €), an der Kanecher Strooss zu Éiter (Käschtepunkt 1.341.366 €) souwéi an der rue des Prés zu Conter (Käschtepunkt 3.039.180 €).

*Nouveaux bassins de rétention*




## Renovatioun vum Waasserbehälter

D'Gemeng Conter huet säit de 70er Joren e Waasserbehälter mat 2 Waasserkummeren, dee Millbech a Mutfert (a bei Bedarf och Éiter) mat Drénkwaasser versuergt. D'Beschichtung vun de Waasserkummeren an d'Aussenabdichtung goufen 2019 erneiert.

*Rénovation de l'étanchéité extérieure et du revêtement des chambres à eau*



## Erneierung: Waasserleitung Um Kinert

Am Kader vum neie Wunnquartéier „Um Kinert“ gouf d’Waasserleitung vun der Firma Sopinor neigemaach. Käschtepunkt: 51.476 €.

*Renouvellement de la conduite d’eau um Kinert pour 51.476 euros*




## Nei Stroossebeläg an Trottoiren

De Gemengerot huet der Finanzéierung vun der Erneierung vun de Stroossebeläg an dem Trottoir an de Strooße „Bel’Air“, „Belle-vue“ a „Beau-soleil“ zu Conter zougestëmmt. Käschtepunkt: 524.063 €. D’Aarbechte lafen den Ament.

*Renouvellement du revêtement des rues Bel’Air, Belle-Vue et Beau-Soleil à Contern*




## Erneierung vun der Kiem-Strooss

D’Kiem-Strooss gouf deelweis erneiert (Kanal-, Waasser- a Gasleitungen, Uschlëss, Trottoiren, Stroossebelag a Beplanzungen). Käschtepunkt: 954.550 €.

*Renouvellement de la rue Kiem à Moutfort*



## Verschéinerung vum Stackekräiz

D’Plaz ronderëm d’Stackekräiz (rue de Pleitrange/ rue Kiem zu Mutfert) gouf vun eisem Service Jardinage mat flotte Planzen an enger neier Mauer verschéinert. Hei fannt Dir elo eng flott Plaz fir ze verweilen.

*Embellissement du „Stackekräiz“ qui se trouve au croisement de la rue Kiem et de la rue de Pleitrange à Moutfort – une belle place de rencontre s’est constituée.*



## En zousätzleche Gemengenatelier

Fir de reegelméisseg wuessenden Ufuerderungen un den techneschen Déngscht vun der Gemeng gerecht ze ginn, huet de Schäfferot en 2. Atelier an der Industriezon am Wäert vun 3.861.614 € ertosch.

*Achat d'un nouveau hall dans la zone industrielle Weiergewan afin d'agrandir l'atelier communal*



## E Carport fir de CGDIS

2021 huet den techneschen Déngscht vun der Gemeng e Carport am Wäert vun 33.200 € fir de CGDIS opgeriicht. An engems gouf d'Plaz virum Gebai sanéiert a mat engem Drainage ausgestatt.

*La place du CGDIS a été renouvelée et un carport a été installé.*



## Den Office social ass geplënnert

D'Gemeng huet dat aalt Postgebai am Joer 2019 fir 650.000 € kaf an et fir ca. 450.000 € den Ufuerderunge vum regionalen Office social ugepasst. Fir d'Gebai energetesch ze verbesseren, goufen ënner anerem d'Fënsteren ersat an eng nei Heizung installéiert.

*L'office social a déménagé dans l'ancien bâtiment de la poste à Oetrange.*



## Kaf vun der Conter Stuff

D'Gemeng huet 2021 d'Conter Stuff kaf, fir ze garantéieren, dass d'Identitéit vum Duerf erhale bleift an d'Bierger hiren traditionellen Treffpunkt net verléieren. Hei wäerten niewent engem Restaurant eng Mikrobrauerei an eng BD-Bibliothéik entstoen.

*La commune a acheté la „Conter Stuff".*




## D'Sportshal Um Ewent mat LED

Fir Energie ze spueren, sinn all d'Luuchten an der Sportshal duerch LED-Luuchten ersat ginn. Käschtepunkt: 116.834 €.

*Les lampes dans le hall sportif „Um Ewent" ont été échangées par des lampes LED.*



## Kulturzenter Éiter

De Wee laanscht den Éiter Kulturzenter gouf méi breet gemaach a mat LED-Luuchten ausgestatt, fir dass d'Visiteuren e séchere Wee vum Parking bis an de Kulturzenter hunn.

*L'éclairage au Centre culturel à Oetrange a été renouvelé en LED.*



## Renovatioun An Henkes – 2. Phas

Déi 2. Phas vun der Renovatioun vum Kulturzenter „An Henkes“ (Käschten: 1,8 Milliounen €) ass Ufank 2022 ofgeschloss ginn. D'Veräiner Chorale Les Villageois, Amicale vun de Conter Pompjeeën an de Supporterclub vum AB Contern fannen hei nei Raimlechkeeten a säit Juni 2022 gitt Dir kulinaresch vum neie Restaurant „Bistrot An Henkes“ verwinnt.

*La 2ième phase de rénovation du Centre culturel „An Henkes“ est terminée.*




## Renovatioun: Kulturzenter Méideng

D'Conciergerie huet de Kulturzenter zu Méideng nei ugestrach a mat neie Geräter a Luuchten ausgestatt.

*Rénovation du Centre culturel à Medingen*



## Renovatioun: Kulturzenter Mutfert

2021 gouf de Kulturzenter zu Mutfert erneiert. Dir fannt elo hei eng nei Kichen, déi de sanitären Ufuerderungen entsprécht, en neien, schalldichte Wandteppech, eng nei Agangsdier an d'Holz un der Mauer gouf restauréiert.

*Rénovation du Centre culturel à Moutfort et renouvellement de la cuisine dans le respect des règles d'hygiène*



## Locatioun vun de Kulturzentren

D'Taxereglement betreffend der Locatioun vun de Gemengesäll gouf ugepasst, a säit 2019 besteet och d'Méiglechkeet, e Sall fir Reuniounen ze reservéieren.

*Adaptation du règlement d'utilisation et de la taxe concernant la location des bâtiments communaux*



## Streewisen an der Gemeng

Op all Kierfecht gouf eng Streewiss ugeluecht an zu Mutfert a Conter goufen zousätzlech Kolumbarien installéiert.

*Réalisation des jardins du souvenir pour la dispertion des cendres (Streewiss) sur chaque cimetière*




## Morgue zu Mutfert

D'Morgue ass komplett renovéiert ginn an et ass eng Killzell installéiert ginn.

*Rénovation de la morgue à Moutfort et achat d'une chambre froide pour 24.781 euros en total*





# Gënschteg Wunnméiglechkeeten

## Nei Wunnengen zu Conter

Op d'Plaz vun der Spillplaz an der rue de Luxembourg gi verschidde Gebaier mat Wunnenge gebaut. D'Spillplaz gëtt an den hanneschte Beräich vum Site verluecht an an en neien ëffentleche Park integréiert. D'Aarbechte solle viraussiichtlech nach 2023 ufänken.

*Plusieurs bâtiments plurifamilials seront construits dans la rue de Luxembourg à Contern.*



## Soziale Wunnengsbau

Zu Éiter fänken am Summer 2023 d'Aarbechte fir 6 nei sozial Wunnengen a verschiddene Gréissten un.

*A Oetrange seront construits 6 appartements sociaux.*




## Réckkaf vun enger sozialer Wunneng

D'Gemeng huet 2022 eng Wunneng vu 70 m2 zu Mutfert fir 445.645 Euro zréckkaf, déi elo zu engem soziale Präis verlount gëtt.

*Rachat d'un appartement social à Moutfort*



## PAP Contern Sud

De PAP Contern Sud läit am Zentrum vu Conter tëscht der aler Sportshal an dem Altersheem Ste Zithe. Zu dësem PAP gehéieren 32 Lousen, wouvun 28 a Gemengebesëtz sinn. An enger éischter Phas goufe 5 Haiser ausgeschriwwen a verkaf. An der zweeter Phas goufen déi iwwreg 23 Terraine verkaf (Fläch: tëscht 2,0 an 4,7 Ar).

*Afin de soutenir les jeunes habitants dans leur démarche importante vers une vie indépendante, la commune de Contern a vendu plusieurs logements à des prix abordables.*





# Sécherheet a Mobilitéit

## Autonom Navett (Testphas)

2018 ass an der Industriezon am Kader vun engem Pilotprojet eng autonom elektresch Navett, déi éischt am ganze Land, getest ginn.

*Pendant 6 mois une navette autonome a été testée et mise à disposition des gens qui travaillent dans la zone industrielle*




## MBox: Gare Sandweiler-Conter

Am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch ass 2018 eng nei MBox op der Gare Sandweiler-Conter ageweit ginn. Hei kënnt Dir Äre Velo sécher ofstellen, wärend Dir Är Rees mam Zuch oder Bus weiderféiert.

*MBox à la gare Sandweiler-Contern: Stockez votre vélo en toute sécurité !*



## Nei Busarrêten an RGTR-Linnen

An der Industriezon fannt Dir 3 nei Busarrêten (Paul Rischard, Läiteschbaach an Ieselslach). Dës Arrête gi vun der Buslinn 324 ugefuer, wouduerch d'Industriezon elo besser un den RGTR-Reseau ugebonnen ass.

*Création de nouveaux arrêts de bus dans la zone industrielle : Paul Rischard, Läiteschbaach, Ieselslach*




## Reorganisatioun vum Schoultransport

All Joer am Juni analyséiert d'Gemeng d'Organisatioun vum Bustransport vun der Schoul – z.B. wéi vill Kanner bei wéi engem Arrêt de Bus huelen, fir an d'Schoul an zréck heem ze kommen. Jee no Besoin gëtt dann de Schoultransport an Zesummenaarbecht mam Voyages Emile Weber ëmorganiséiert, soudatt en den Uspréch vun de Kanner entsprécht a gerecht gëtt.

*La commune analyse chaque année les besoins en matière de transport scolaire et adapte le transport scolaire en conséquence.*



## Sanéierung vu Busarrêten

De Busarrêt an der Lëtzebuerger Strooss zu Conter an de Busarrêt an der Kanecher Strooss zu Éiter goufen un d'gesetzlech Virgaben ugepasst. 2023 ginn nach de Busarrêt an der rue de Contern zu Mutfert an de Busarrêt Juxgaass zu Mutfert sanéiert. Käschten: insgesamt iwwer 600.000 Euro.

*Mise en conformité des arrêts de bus afin d'améliorer votre sécurité*



## Konform Zebrasträifen

D'Gemeng huet d'Zebrasträifen an der Gemeng de ministeriellen Usprécht (Beliichtung, Blanneplatten, nidderege Bord) ugepasst. Käschten: ronn 200.000 Euro.

*Des passages piétons conformes dans la commune*



## Verkéiersberouegung

De Schäfferot huet an de leschte Jore Berliner Kësse leeë gelooss, dëst fir d'Berouegung vum Verkéier a fir d'Sécherheet vun eise Foussgänger.


*Mise en place de différents genres de ralentisseurs*



## Verkéiersinsel zu Éiter

Ufank 2022 huet de Gemengerot engem Tausch vun Terrainen zougestëmmt, fir dass d'Gemeng d'Méiglechkeet kritt, fir zu Éiter an der Kanecher Strooss eng Verkéiersinsel ze bauen, déi de Verkéier berouege soll. D'Aarbechte wäerten demnächst ufänken.

*Apaisement de la circulation pour le trafic en direction de Canach à l'aide d'un îlot central*




## Nei Encochen zu Conter

2022 goufen an der Lëtzebuerger Strooss zu Conter Encochen installéiert an den Agang vum Duerf verengt, fir esou de Verkéier ze berouegen an d'Foussgänger ze schützen.

*Mesures d'apaisement de la circulation dans la rue de Luxembourg*



## Verkéiersberouegung zu Méideng

Den Duerfagang vu Méideng gouf optesch ageengt, fir de Verkéier ofzebremsen.

*Apaisement de la circulation à l'entrée de Medingen*



## Méi Sécherheet bei eiser Schoul

Am Kader vum Séchere Schoulwee ass e Kiss & Go amenagéiert ginn, et ass en zweete Busarrêt bäikomm an eng Barriär ass installéiert ginn, fir d'Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren.

*Augmentation de la sécurité sur le site de l'école „Um Ewent"*



## De Séchere Schoulwee

2020 ass zesumme mat engem Bureau d'études d'Konzept „Séchere Schoulwee" ausgeschafft a realiséiert ginn, fir dass eis kleng Bierger sécher zu Fouss an/oder mam Vëlo an d'Schoul oder op de Busarrêt kommen. An dësem Kader gouf och e Gelänner laanscht d'Seniorie Ste-Zithe installéiert.

*La commune de Contern a réalisé le „Séchere Schoulwee" pour que les élèves puissent aller à l'école en toute sécurité.*



## Erhéijung an der Sirener Strooss

Am Hierscht 2022 ass den Agang vu Conter an der Sirener Strooss eréicht ginn. Eng weider Erhéijung ass beim Seniorenheem geplangt. Käschtepunkt: 174.632 €.

*Afin de ralentir le trafic la rue de Syren à Contern a été élevée au début du village.*



## E Verbindungswee zu Éiter

Niewent dem Restaurant Delicious zu Éiter huet d'Gemeng eng beliicht Traap gebaut, déi d'rue de Moutfort mat der rue du Pont an der Montée d'Oetrange verbënnt. Iwwerdeems goufen an der rue du Pont nei ëffentlech Parkplaze geschaf.

*Installation d'un escalier éclairé à Oetrange*



## Beliichtung: Grëndel, rue des Prés

Fir d'Sécherheet vun de Spadséiergänger an de Schoulkanner ze verbesseren, huet d'Gemeng verschidde Luuchten an der rue des Prés an am Grëndel installéiert.

*Nouveau éclairage pour piétons: Grëndel et rue des Prés*



## Neit Gelänner op der Éitermillen

Fir d'Sécherheet vun de Spadséiergänger ze verbesseren, huet d'Gemeng Conter ee Gelänner laanscht d'Trapen op der Éitermillen installéiert. Dëst ass, passend zur Natur an der Ëmgéigend, ganz aus Holz.

*Nouvelle balustrade à Oetrange-moulin afin d'améliorer la sécurité des promeneurs*



## Gelänner bei de Maison-relaisen

De Februar 2021 gouf bei der Maison relais Montessori zu Mutfert e Gelänner installéiert, an och op dem Site vun der Mutferter Maison relais „Spillkëscht“ gouf e Gelänner gebaut.

*Installation des balustrades auprès des crèches Montessori et Spillkëscht à Moutfort*



## Méi Sécherheet fir d’Foussgänger

An der rue des Prés zu Conter huet d’Gemeng no engem Tosch vu Land den Trottoir ëm 40 cm méi breet gemaach. De Bordstee gouf och erhéicht. Am Hierscht 2022 goufen d’Aarbechten ofgeschloss.

*Elargissement d’un trottoir à Contern*



## Méi Parkraum an eiser Gemeng

Zu Éiter goufe Parkplazen nieft an hannert dem Kulturzenter souwéi an der rue du Pont gebaut. Iwwerdeems konnt déi éischt Phas vun den neie Parkplazen an der rue Roger Leiner a bei der aler Schoul zu Conter ofgeschloss ginn. Weider Parkplaze gi bei de Projeten zu Conter an enger zweeter Phas realiséiert. Insgesamt sinn esou 110 Parkplazen an der Gemeng bäikomm.

*110 nouvelles places de parking à Contern et Oetrange*



## Erneierung: Parking Soibelwee

2020 gouf de Parking zu Mutfert ganz erneiert. Käschten: 240.000 Euro. Hei fannt Dir elo 42 Parkplazen. Donierft goufen en neie Kanal fir d'Reewaasser souwéi Waasser- a Stroumuschlëss geluecht, déi fir déi vill Fester am Mutferter Park néideg sinn. Eise Service jardinage huet an dësem Kader och schéi Blumme beim Parking geplanzt.

*Revêtement du parking à Moutfort*



## Stationnement résidentiel

Am Januar 2022 gouf de Stationnement résidentiel no Upassungen vun der Verkéiersveruerdnung an eiser Gemeng agefouert an et gouf en Agent municipal agestallt. No engem Joer gouf d'Veruerdnung op Basis vu verschiddene Virschléi iwwerschafft, fir den Uspréch vun de Bierger gerecht ze ginn.

*Depuis 2022 le stationnement résidentiel existe dans la commune.*



## Policereglement

De Schäfferot huet d'Policereglement vun der Gemeng iwwerschafft. Déi rezentst Ännerung gouf et dëst Joer – hei geet et konkreet ëm d'Rechter an d'Pflichte vum „Agent municipal" a „Garde-champêtre".


*Modifications du règlement de police*



## RGTR: Virschléi vun der Gemeng

Nodeems de Mobilitéitsministère am September 2019 eng Circulaire iwwert Ännerungen am RGTR-Netz erausginn huet, huet sech de Schäfferot dofir agesat, dass Upassungen am Sënn vun de Bierger gemaach ginn – dorënner eng transversal Linn tëscht dem Ban de Gasperich, Hesper, Izeg, Conter, Mutfert, Éiter a Sandweiler.

*Proposition des adaptations du réseau RGTR*




## Schluss mat de Schläichweeër

Fir d'allgemeng Sécherheet op eise Feldweeër ze garantéieren, huet de Gemengerot de 24. Abrëll 2019 entscheet, dës mat Hindernisser auszestatten, fir dass nëmmen nach Agrarmaschinnen, Foussgänger a Vëlosfuerer dës Strooss benotze kënnen.

*Grâce aux boucles sur les chemins rurales, la commune a amélioré la sécurité pour les promeneurs et cyclistes.*



## Subsid fir de Kaf vu Vëloen

Zanter dem 1. Januar 2021 hunn d'Bierger vun der Gemeng Conter d'Méiglechkeet, fir hiren „normale" Vëlo e Subsid unzefroen (10% vum Akafspräis, bis zu 200 Euro). Fir en e-Bike kritt Dir weiderhin Äre Subsid. D'Konditiounen an d'Modalitéite fannt Dir op www.contern.lu.

*Subvention pour l'achat de vélos*



## Vëlosummer

D’Gemeng Conter participéiert all Joer um Vëlosummer a spärt dofir d’Haaptstrooss tëscht Siren a Mutfert. Interesséierter hu bei dësem summerleche Vëlotourismus-Programm am ganze Land d’Méiglechkeet, fir déi schéinste Plaze vu Lëtzebuerg mam Vëlo (nei) ze entdecken.


*Pendant le mois d’août la rue principale entre Syren et Moutfort est réservée aux cyclistes*



## Europäesch Mobilitéitswoch

All Joer organiséiert Europa vum 16. bis den 22. September seng Mobilitéitswoch, fir d’Mënschen dozou ze beweegen, den ëffentlechen Transport an de Vëlo ze benotzen oder awer zu Fouss ënnerwee ze sinn. Am Kader vun dëser Mottowoch organiséiert d’Gemeng all Joer hire grousse Vëlosdag mat de Gemengen Hesper a Weiler zum Tuer.


*Participation à la semaine européenne de la mobilité chaque année (16-22 septembre)*



## Hand an Hand zesummeschaffen

De Schäfferot luet d’Police all Mount op eng Versammlung mat eisem Agent municipal an, wou iwwer sämtlech Problemer an Uleies vun eise Bierger geschwat an no Léisunge gesicht gëtt.

*Le Collège échevinal et notre agent municipal ont une réunion par mois avec le commissariat de police.*



# Ëmwelt a Klima

## Bäitrëtt zum Naturpakt

2021 huet d'Buergermeeschtesch Marion Zovilé-Braquet am Bäisi vun der Ministesch Carole Dieschbourg den Naturpakt ënnerschriwwen. D'Gemeng engagéiert sech domadder konsequent dofir, fir Initiativen zur Restauratioun vun der biologescher Villfalt um Gemengenniveau ze fërderen.

*La commune s'engage par la signature du pacte nature de promouvoir les initiatives de la restauration de la biodiversité.*



## Bäitrëtt zum Klimapakt 2.0

Nom Ofschloss vum Klimapakt 1.0 huet de Schäfferot mat Ënnerstëtzung vum gesamte Gemengerot den 22. September 2021 de Klimapakt 2.0 ënnerschriwwen. Heimadder engagéiert sech d'Gemeng dofir, kontinuéierlech Moossname fir d'Klima ëmzesetzen.

*Signature du pacte climat 2.0*



## E Klimaleitbild fir d'Gemeng

De September 2021 huet d'Gemeng Conter bei engem Klimaworkshop en eegent Klimaleitbild erstallt, mat deem sech d'Gemeng zu den Themeberäicher Energiepolitik a Klimaschutz positionéiert. Heimadder huet sech d'Gemeng Ziler fir déi nächst 5 Jore gesat.

*Elaboration d'une charte climatique pour la commune*



## Nei Fotovoltaikanlag

An enker Zesummenaarbecht mat EnerCoop Syrdall ass um Daach vum Cycle-1-Gebai an op dem Daach vun der Museksschoul eng vu Bierger finanzéiert Fotovoltaikanlag entstanen. De Schäfferot huet a béide Fäll déi néideg Viraussetzungen heifir geschaf a gratis d'Daachfläch zur Verfügung gestallt.

*Nouvelles installations photovoltaïques sur les toits du bâtiment cycle 1 et sur l'école de musique en collaboration avec EnerCoop*



## Kuehne+Nagel-Fotovoltaikanlag

No laange Verhandlungen tëscht dem Schäfferot an der Kuehne+Nagel-Firmeleedung war et de 5. Oktober 2021 esou wäit: A Presenz vum Energieminister Claude Turmes goufe Fotovoltaik-Anlage mat enger Gesamtkapazitéit vu 5.900 MWh pro Joer offiziell ageweit. Heimat kënne méi wéi 1.500 Stéit mat Stroum beliwwert ginn.

*Mise en service d'une grande installation photovoltaïque dans la zone industrielle*



## Neien interaktive Solarkadaster

An Zesummenaarbecht mam Energipark Réiden an der Firma L.E.E sàrl huet de Schäfferot e Solarkadaster ausgeschafft – en Onlinetool, mat deem Dir bequem vun doheem aus iwwert d'Sonnepotenzial vun Ärer Wunneng informéiert gitt. De Solarkadaster fannt Dir online op dem Site web www.cadastre-solaire.contern.lu.

*Nouveau cadastre solaire pour déterminer le potentiel solaire de votre maison*



## Uleeë vun engem Kannerbongert

Am Kader vum Dag vum Bam huet d'Gemeng zu Éiter e Kannerbongert ugeluecht. Dësen ass ca. 0,6 ha grouss, zielt 31 Uebstbeem souwéi 260 Meter Hecken a bitt Sëtzméiglechkeeten op 2 Bänken. All Joer planzt d'Gemeng hei fir déi Neigebuere vum Joer virdru weider Beem an Hecken un.

*Création d'un verger fruitier pour les nouveau-nés de la commune*



## Nei Blummewisen

An Zesummenaarbecht mam SIAS huet de Service jardinage am Fréijoer eng Blummewiss beim Kannerbongert zu Éiter geséit. Eng weider Blummewiss gouf am September 2022 zu Millbech nei geplanzt.

*Nouvelles prairies fleuries à Oetrange et Millbech*



## Verschéinerung vun eisen Dierfer

Am Summer an am Hierscht stellt de Service jardinage vun der Gemeng uechter d'ganz Gemeng saisonal Blummen a verschiddene Faarwen op, fir eis Gemeng ze verschéineren.

*Embellissement de nos villages par des fleurs d'été et d'automne*



## Fir méi Biodiversitéit

Am Kader vum Programm fir d'ekologesch Opwäertung vun der Industriezon „Um Weiergewan" huet d'Gemeng Conter zesumme mam SIAS, mat der „Administration des Ponts et Chaussées" a mat Kuehne+Nagel verschidde Blummewisen ugeplanzt an Insektenhoteller opgestallt.

*De nouvelles prairies fleuries et hôtels à insectes dans la zone industrielle Am Weiergewan*



## Nei Weiere bei der Éitermillen

De Fierschter huet bei der Éitermillen zwee Weieren ugeluecht, fir e Biotop ze schafen, deen der Biodiversitéit zeguttkënnt an eng Iwwer-wanterungsméiglechkeet fir vill Amphibienaarten duerstellt. Well d'Weiere bei staarkem Reen d'Waasser zréckbehalen, ass dës Mossnam och gutt fir den Héichwaasserschutz.

*La création de deux étangs à Oetrange-moulin*



## Planzung vun 1.500 Eechen

Fir d'Klima ze schützen an de Bësch ze färderen, huet de Schäfferot wärend dëser Legislaturperiod iwwer 1.500 Eeche vum Fierschter an Zesummen-aarbecht mam Service jardinage vun der Gemeng – haaptsächlech beim Kierfecht zu Mutfert – uplanze gelooss.

*Plantation de 1.500 chênes par la commune près du cimetière de Moutfort*



## Nei Beem an der Réimecher Strooss

Wéinst engem Befall mat Eecheprozessionsspënner goufen d'Eeche beim Multistade zu Mutfert duerch Hainbuchen ersat. Heimat ass aus ekologescher Siicht kee Verloscht fir d'Gemeng entstanen, an d'Sécherheet vun de Bierger gëtt och weiderhi garantéiert.

*Processionnaire du chêne: nouveaux arbres sur la route de Remich*



## Nei Hausschmuebelnäschter

D'Gemeng Conter zielt zu Mutfert eng vun de gréissten Hausschmuebel-Kolonien zu Lëtzebuerg. Fir dës an eisen Dierfer heemesch Vullenaart ze erhalen, huet de Schäfferot d'Initiativ ergraff a vill Hausschmuebelnäschter zu Mutfert beim Kulturzenter, beim Jugendhaus a beim CGDIS souwéi zu Éiter bei dem neie Gebai vum Office social ubrénge gelooss.

*Installation de nombreux nids d'hirondelles dans la commune pour conserver les espèces d'oiseaux indigènes*



## 1.000. Nistkasten

Den 11. Februar 2022 gouf zu Mutfert den 1.000. Vullennistkasten an de fënnef Gemenge vun der „Natur an Ëmwelt Ieweschte Syrdall" (Conter, Sandweiler, Nidderaanwen, Schëtter a Weiler) opgehaangen. Dës Initiativ huet am Kader vun der 100-Joer-Feier vun der Natur&Ëmwelt Asbl. stattfonnt.

*Accrochage du 1000e nichoir à oiseaux des communes SIAS à Moutfort*



## Nei: Maishack a Strigel

Fir den Erausfuerderunge vun der Ausweisung vun der Waasserschutzzon gerecht ze ginn, huet d'Gemeng finanziell Rahmebedingungen (Käschten: ronn 80.000 Euro) geschaf, fir grondwaasserschounende Maisubau an de Gemenge Conter a Weiler ze erméiglechen.

*Culture du maïs: Mise en place d'un système préservant les eaux souterraines*



## Gréng- an Heckeschnëtt

D'Gemeng verwäert Gréng- an Heckeschnëtt selwer, amplaz e bei de Minettkompost ze bréngen. Am Joer 2022 konnte ronn 3.000 m3 Gras- an Heckeschnëtt gesammelt ginn.

*Valorisation des déchets verts et des tailles de haies*



## Beweidung duerch Schof

2023 huet d'Gemeng en Opruff un all Bierger geriicht, déi Schof hunn. Dës hunn elo d'Méiglechkeet, der Gemeng hir Schof fir d'Beweidung vu verschiddene Felder zur Verfügung ze stellen, fir do ze grasen.

*Projet de pâturage des espaces verts de la commune par des moutons*



## Staudepäck fir eis Awunner

Bis Enn Januar 2023 haten all d'Awunner d'Méiglechkeet, e gratis Staudepak mat 6 Wëllstaude bei der Gemeng ze bestellen, mat deenen ee säi Gaart verschéineren a Bestäuber-Insekten eng Nahrungsquell bidde kann. Dëse Projet gouf mam SIAS realiséiert.

*Distribution des paquets gratuits de 6 plantes vivaces*



## Gratis LED-Kits mat Enovos

Am Interessi vum Klimaschutz huet d'Gemeng Conter am Mee 2021 un all Stot e Bong fir 10 LED-Luuchte verdeelt. Op dësem Wee goufe bal 4.000 LED-Luuchte verdeelt. En anere Kit, mat deem Dir aktiv Stroum, Waasser an Hëtzt an Ärem Doheem spuere kënnt, ass bis Enn Januar 2023 verdeelt ginn.

*Distribution des kits LED, une collaboration avec Enovos*



## Aktioun „Gielt Band“

D’Gemeng Conter huet sech un der Aktioun „Gielt Band – Hei ass plécken erlaabt!“ bedeelegt, bei der ee mat engem giele Band Uebstbeem zeechne kann, déi engem selwer gehéieren an deenen hir Friichte vu jidderengem gepléckt däerfe ginn.

*Participation à l’action „Gielt Band – Ici, la cueillette est autorisée!“*



## Neie Recyclingcenter

De Recyclingcenter zu Mënsbech zielt den Ament iwwer 60.000 Visiteuren am Joer. Fir de Bedarf vun den Awunner vun de SIAS-Gemengen gerecht ze ginn, ass en neie Recyclingcenter geplangt. D’Konzept gesäit e Secondhand-Beräich, e Repair Café an e System fir d’Zréckgewanne vu Ressource vir. Gebaut gëtt viraussiichtlech ab Enn 2024.

*Planification d’un nouveau centre de recyclage*



## Neit Offalltaxereglement

Conter huet 2022 en neit Offalltaxereglement adoptéiert. Zanterhier gëllt de „Verursacherprinzip“: d’Persoun, déi den Offall produzéiert, dréit d’Käschte fir d’Behandlung. Dank dëser Strategie huet d’Gemeng 2022 am Verglach zum Virjoer 10% Restmüll, 4% Biomüll, 11% Pabeier a 5% Glas agespuert.

*Introduction d’un nouveau règlement sur les déchêts*





## Repair Café

D’Gemeng Conter huet 2022 en éischte Repair Café organiséiert. Dës sinn éierenamtlech Treffen, bei deene kleng defekt Saache wéi Vëloen, Kleedung, Spillsaachen, kleng Miwwelen asw. reparéiert ginn. Alles, wat futti ass, huet eng Chance op en zweet Liewe verdéngt.

*Organisation de la première édition du Repair Café dans la commune afin de donner une seconde chance aux choses abîmées*





# Kultur a Sport

## Eng nei Tribün fir den Aurore

Den 31. Mee 2022 huet eise Schäfferot déi nei Tribün vum Turnveräin Aurore a Presenz vum Gemengerot, vun de Responsabele vum Turnveräin a vu weideren Eieregäscht ageweit. Dës Tribün gouf mam Architekturbüro „Theisen architectes“ ausgeschafft a bitt ronn 60 Sëtzplazen an e Lagerraum. Käschtepunkt: 285.000 Euro.

*Nouvelle tribune pour la société gymnastique Aurore au complex sportif „Um Ewent“ à Contern*



## Nei Schibedier fir den FC USMM

D’Gemeng huet de 5. Juni 2020 zu Mutfert op der Fussballsplaz eng Schibedier installéiert, fir dass d’Gemengenaarbechter an d’Membere vum Fussballsclub US Moutfort-Medingen vun der Haaptstrooss aus en direkten Zougang zur Fussballsplaz hunn. Käschte: ronn 2.000 Euro.

*Nouveau accès au terrain de foot depuis la rue principale*



## Neie Kommissiounssall zu Mutfert

D’Kommissioune vun der Gemeng Conter hunn Ufank 2020 en eegene Sall zu Mutfert kritt, wou si hiert Material verstauen an hir Versammlungen ofhale kënnen. Dernieft hu verschidde Veräiner e Veräinssall kritt an de CGDIS huet hei säin eegene Büro. D’Aarbechte goufen ënnert der Regie vun der Conciergerie gemaach.

*Une nouvelle salle de réunion pour les commissions consultatives*



## Corona: Extrasubsider fir Veräiner

A senger Sëtzung vum 18. November 2020 huet de Gemengerot unanime d'ausseruerdentlech Veräinssubside fir 2020 wéinst Covid-19 ugeholl. Et handelt sech ëm Subside vun insgesamt 29.875 Euro.

*Subside supplémentaire à cause de la pandémie pour les associations locales*



## Nuit du Sport

D'Gemeng Conter bitt all Joer am Kader vun der „Nuit du Sport" en interessante Programm mat verschiddene Sportaarte vun der Sportkommissioun an de Veräiner un. Dësen Event fënnt an der Sportshal „Um Ewent" an op dem Schoulsite statt.

*Chaque année la commune offre un programme intéressant aux habitants pendant la Nuit du Sport à Contern.*




## Multisport-Plazen

Zanter 2020 huet d'Duerf Mutfert eng Multisport-Plaz am Park. Dës ass 30 op 15 Meter grouss. Käschtepunkt: ronn 170.000 Euro. Den techneschen Déngscht huet iwwerdeems am Fréijoer 2022 verschidde Renovatiounsaarbechten um Multistade zu Éiter virgeholl.

*Nouveau terrain multisport à Moutfort et renovation du terrain multisport à Oetrange*



## Fitnessparcours zu Méideng

Zu Méideng goufen 2020 vill verschidde Fitness-Geräter op dem „Trimm-dich-Parcours“ vun der „Administration de la nature et des forêts“ installéiert: ënner anerem en Uewerkierper-, Gläichgewichts-, Geh-, Vëlo-, Been-, Bauch- a Réckentrainer. D’Käschten hu sech fir d’Gemeng op 25.228,71 Euro belaf.

*Nouveaux appareils au parcours de fitness à Medingen*



## Neien Outdoor-Fitness zu Conter

Säit Summer 2019 hutt Dir zu Conter d’Méiglechkeet, op engem neien Outdoor-Fitness-Parcours a geselleger Ronn ze trainéieren. Hei fannt Dir ënner anerem e Liegestützstern, e Sprungkrafttrainer, eng Hangelstreck, e puer Übungsbänken an eng Teeniebänk. De Präis fir dës Geräter huet sech op 22.417 Euro belaf.

*Nouveau „Outdoor-Fitness“ dans la zone industrielle à Contern*



## Nei Petanque-Terrainen

An der Gemeng goufen zwou nei Petanque-Piste mat Drainage installéiert: eng bei der neier Multistade-Plaz am Mutferter Park an eng zu Conter an der rue Belle-Vue. An der rue Belle-Vue gouf iwwerdeems eng nei Spillplaz bei der Pist amenagéiert.

*Nouveaux pistes de pétanque à Moutfort et à Moutfort*



## D’BD-Maskottche Bédéric



Am Joer 2020 huet de Schäfferot zesumme mat der BD-Kommissioun e Concours an d’Liewe geruff, fir eng BD-Figur ze fannen, déi eist BD-Duerf Conter am beschte representéiert. Den 19. Juli 2020 gouf de Bédéric, gezeechent vum Cartoonist Andy Genen, zum Gewënner erkläert.

*Bédéric – un mascotte pour le festival de la Bande dessinée*

## E Bédéric-Monument fir Conter




D’Gemeng huet 2022 am Conter Duerfzentrum e Monument fir d’BD-Maskottchen ageweit. D’Uertschaft steet domat net nëmmen am Juli, mee am ganze Joer am Zeeche vun der BD.

*Inauguration du monument Bédéric à Contern*

## Monument „Am Wëllemslach“



De Schäfferot huet den 9. Oktober 2021 mat der lokaler Sektioun vun den Zwangsrekrutéierten d’neit Monument „Krichsgefaangenelager Am Wëllemslach“ zu Mutfert ageweit. Op der Gedenktafel fannt Dir Hannergrondinformatiounen zum Thema.

*Inauguration du nouveau monument „Krichsgefaangenelager Am Wëllemslach“*

## Gedenkplack fir d’Affer vu Sonnenburg



Den 30. Januar 2023, méi wéi 75 Joer nom Sonnenburg-Massaker, wou 90 Lëtzebuerger hiert Liewe verluer hunn, huet d’Gemeng e Monument zu Mutfert ageweit, fir hirer ze gedenken.

*Inauguration d’une plaque commémorative pour les victimes luxembourgeoises du massacre à Sonnenburg*

## Aféierung vu „Bicherkabinnen“

D’Gemeng Conter huet tëscht 2021 an 2022 fënnef „Bicherkabinnen“ installéiert. Zu Conter fënnt ee se bei der Kierch a bei der Schoul „Um Ewent“, zu Éiter a Méideng bei de Kulturzentren an zu Mutfert am Park.

*Installation de 5 kiosques à livres à Contern, Oetrange, Medingen et Moutfort*



## Instrumenter fir eis Kanner

D’Gemeng huet am Joer 2020 e Piano fir d’UGDA Syrdall kaf. Eis UGDA-Musekschoul zeechent sech doduerch aus, dass si déi eenzeg am Syrdall ass, déi „chant moderne“ ubitt. Heifir – a fir de klassesche Gesang – huet de Schäfferot der Schoul Material (Mikrofoner, Lautspriecher asw.) zur Verfügung gestallt.

*Mise à disposition des instruments et du matériel pour l’école de musique UGDA*



## Chrëschtmaart am Mutferter Park

Zanter 2019 organiséiert d’Gemeng Conter am Dezember hiren eegene Chrëschtmaart am Park Mutfert.

*Depuis 2019, la commune de Contern organise un marché de Noël à Moutfort.*





# Liewensqualitéit

## Conti Bus

De Schäfferot huet d'Iddi vum Conti Bus komplett iwwerschafft. De Bus fiert zanter 2022 op Hesper, wou d'Crèche „Jangeli", eng Post an eng Bankfilial an der direkter Ëmgéigend sinn. Awunner kënne bei der Gemeng eng Kaart fir de Conti Bus ufroen.

*Le service du Conti Bus a été amélioré. Dès 2022, vous avez la possibilité de souscrire un abonnement. Un arrêt à Hesperange a été ajouté.*



## Ouverture vum Restaurant Delicious

D'Gemeng huet hiert onbenotztent Veräinsgebai zu Éiter 2018 un den Här Serge Reuter verkaf. Dat denkmalgeschütztent Gebai gouf du komplett renovéiert, fir do de Restaurant Delicious opzemaachen.

*Le restaurant Delicious a ouvert ses portes à Oetrange*



## Freedefeier-Verbuet

Op senger Versammlung vum 30. Januar 2019 huet de Gemengerot eng Upassung vum Artikel 34 vum Policereglement an eiser Gemeng ugeholl. An dësem Kontext ass et elo verbueden, Freedefeier an der Gemeng ze maachen.

*Modification du règlement de police – les feux d'artifice sont interdits depuis janvier 2019.*



## Nei ëffentlech Toilette zu Conter

2021 huet de Schäfferot déi nei ëffentlech Toilette niewent der Conter Kierch ageweit: eng voll equipéiert, PMR-gerecht Toilette mat engem Wéckeldësch an engem Alarmknäppche fir Noutfäll. D'ëffentlech Toilette ass all Dag tëscht 6.30 an 22.30 Auer op.

*Nouveau WC public à Contern, près de l'église*



## Den neie Park Prënz Charles

Zu Éiter hannert dem Kulturzenter ass en neie Park gebaut ginn. Dëse gouf nom Prënz Charles benannt. Hei fënnt een nieft enger Spillplaz fir Kanner och e jonke Kiischtebam, deen am Numm vum Prënz geplanzt gouf.

*Le nouveau parc „Prince Charles" se trouve derrière le Centre culturel à Oetrange.*



## Bänken an der Gemeng

De Schäfferot huet 2020 an 2021 12 nei Liegebänken an eiser Gemeng installéiert, déi e Raum fir Entspanung a Fräizäit am Alldag bidden: sechs am Park Mutfert, zwou am Park Prënz Charles, zwou op der Spillplaz Belle-Vue an zwou op der Spillplaz an der Lëtzebuerger Strooss.

*Installation de 12 nouveaux bancs à Moutfort et à Oetrange*



## Eröffnung vun enger Apdikt

Zanter Ufank November 2022 fënnt een eng Apdikt an der Gemeng Conter (2, rue des Sports, Conter). Am Projet vum neien Gemengenhaus an der aler Schoul zu Conter ass geplangt, dass am aktuelle Gemengenhaus eng Apdikt zesumme mat enger „Maison médicale" ënnerbruecht ginn.

*Une pharmacie a ouvert ses portes dans la rue des Sports à Contern.*



## Night-Rider-Service

Zanter dem 15. Mäerz 2022 besteet d'Méiglechkeet, an der Gemeng eng Night-Rider-Kaart unzefroen. D'Gemeng Conter iwwerhëlt d'Käschte vun den éischten 10 Night-Rider-Faarten.

*Vous avez la possibilité d'acquérir un abonnement Night Rider – la commune vous offre les 10 premiers trajets.*



## Kraidergäert

An de véier Dierfer vun der Gemeng (Conter, Mutfert, Éiter a Méideng) si Kraidergäert an Hochbeeten opgeriicht ginn. Jiideree kann déi Kraider fräi benotzen. Do fënnt een: Currykraut, Estragon, Thymian, Bounekraut, Peterséileg, Kümmel, Aerdbieren, Sauerampel, Baldrian a villes méi. D'Hochbeete si mat Holz gebaut ginn, dat aus Gemengebësch staamt.

*Dans chaque village se trouve un jardin d'herbes aromatiques où vous pouvez vous servir.*



## Post-PackUp, Brout- & Pizza-Automat

Beim Mutferter Park an der Réimecher Strooss fënnt een zanter Abrëll 2019 en Automat fir frësch Baguetten an zanter Juli 2022 e Pizzaautomat. Säit 2020 kann een och bequem seng Päck op d'Post-PackUp-Statioun beim Mutferter Park liwwere loossen.

*A Moutfort près du parc se trouvent une station Post-PackUp, un distributeur de baguettes et un distributeur de pizza.*



## Chatten, chillen, chargen

Am Juni 2022 sinn nei Solarbänke mat USB-Uschlëss an Opluedeméiglechkeete fir den Handy zu Conter virun der Gemeng a virun der Schoul „Um Ewent", zu Mutfert am Park, zu Méideng beim Kulturzenter an zu Éiter am Park opgeriicht ginn. Mat dem modernen an ekologesche System kann de GSM probleemlos ënnerwee opgeluede ginn.

*Des nouveaux bancs solaires avec chargeurs de téléphone ont été installés dans nos villages.*





# Bildung

## Grouss Botz

All Joer organiséiert d'Gemeng eng „Grouss Botz". Zesumme mat de Schoulkanner an de Betriber aus der Industriezon gëtt den Offall aus der Natur agesammelt. Zousätzlech ginn Atelieren a Workshoppe fir d'Schoulkanner organiséiert, wou si léieren, wéi ee säin Dreck entsuerge soll.

*Organisation d'une „Grouss Botz" (grand nettoyage) dans la commune*



## Informatescht Schoulmaterial

D'Gemeng huet 11 Computer, 35 Laptoppen a 54 Tablets fir d'Schoul kaf, fir dass d'Schoulkanner schonn a jonke Joren e verantwortungsbewossten Ëmgang mam Internet léiere kënnen.

*Achat d'équipements informatiques pour l'école „Um Ewent"*



## Upassung: „Prime d'encouragement"

Zanter 2017 kënne Schüler vum Secondaire eng Primm vun 80 € (virdrun: 60 €) ufroen, wa si d'Joer gepackt hunn, bzw. 150 € (virdrun 115 €), wa si hir Ofschlossexame gemeeschtert hunn. De Bonus fir Studenten, dei hiren Universitéitsofschloss gepackt hunn, ass vun 150 op 500 € gehéicht ginn.

*Ajustement de la prime d'encouragement pour jeunes étudiants*




## Lëtzebuergesch-Coursen

Fir Mënschen ouni Lëtzebuerger Nationalitéit besser Méiglechkeeten ze ginn, sech ze integréieren, organiséiert d'Gemeng Conter reegelméisseg Lëtzebuergesch-Coursen. D'wéchentlech Course fänken all Joer am Oktober un.

*La commune de Contern propose des cours de luxembourgeois afin de favoriser l'intégration.*






# Administratioun a Personal

## Eng besser Personalbesetzung

D'Gemeng Conter huet an dëser Legislaturperiod 38 nei Leit agestallt, fir d'Administratioun an den technesche Service ze verstäerken.

*La commune de Contern a engagé en tout 38 personnes pour soutenir son administration communale ainsi que son service technique.*



## Nei Servicer an der Gemeng

An de leschte Jore goufen e puer nei Servicer geschaf, dorënner z.B. de Schoulservice, de Kommunikatiounsdéngscht, de BD-Service an de Finanzdéngscht.

*Création de nouveaux services administratifs de la commune*




## „Südgemengen"-Kollektivvertrag

2022 hunn d'Buergermeeschtesch Marion Zovilé-Braquet an d'Aarbechterdelegatioun vun der Gemeng en neie Paie-Accord ënnerschriwwen. Mat dësem Accord schléisst sech d'Gemeng Conter erëm dem Kollektivvertrag vun de Südgemengen un.

*Signature de la convention collective des communes du Sud du pays*



## Aféierung vum Horaire mobile

Op senger Reunioun vum 18. November 2020 huet de Gemengerot no enger Testphas d'Reglementer iwwert d'Aféierung vum Horaire mobile ugeholl. Dëst erlaabt e méi flexibelen Aarbechtsdag fir d'Mataarbechter vun der Gemeng.

*Introduction de l'horaire mobile pour les employés de la commune*



## Eng nei visuell Identitéit

Zanter 2021 huet d'Gemeng Conter en neie Logo an eng nei grafesch Richtlinn, déi de Charakter vun der Gemeng erëmginn. An dësem Kader ass och e ganz neit Kommunikatiouns-Konzept entworf ginn – mat neie Formater fir Gemengeninfoe wéi dem Gemengebuet: de „Connect" an de „Compte-rendu".

*Elaboration d'un nouveau logo et d'une nouvelle charte graphique ainsi qu'un nouveau layout pour le bulletin communal („Connect" et „Compte-rendu")*



## Neien Internetsite

D'Gemeng Conter huet 2021 eng nei, modern Internetsäit ausgeschafft, déi méi iwwersiichtlech ass wéi déi vu virdrun an déi e bessere Kontakt tëscht der Gemeng an de Bierger erméiglecht.

*Création d'un nouveau site web pour la commune afin de faciliter le contact entre la commune et les citoyens*



## Nei Contern-App

Säit 2022 ass d’Contern-App am App Store an am Google Play Store verfügbar. Dës App erméiglecht et engem, iwwerall an ëmmer séier Zougang zu Informatiounen iwwert d’Gemeng ze kréien, a bitt en direkten an interaktive Kontakt mat der Administratioun un. Dëse Projet gouf vun eisem Schäfferot zesumme mat Kirepo sàrl ëmgesat.

*La nouvelle application mobile „Gemeng Conter“ est disponible sur l’App Store et le Google Play Store pour faciliter le contact avec la commune.*



## Nei Kontaktformularen

Mat den neie Kontaktformulare vun der Gemeng, déi een um Internetsite www.contern.lu an an der App „Gemeng Conter“ fënnt, kann een einfach a séier seng Froen un d’Administratioun vun der Gemeng riichten.

*Des nouveaux formulaires de contact sont disponibles sur le site web www.contern.lu et dans l’application mobile „Gemeng Conter“ afin de faciliter le contact entre la commune et les citoyens.*


**Cours**
- A1 intensif avec self-study
- A1.1 online
- A1.2
- A2.1 online
- A2.2 online

**Nom** *

Prénom | Nom

**Address** *


Adresse 1

Adresse ligne 2

Ville | État / Province / Région

dynamesch engagéiert fir Iech

Gemeng Conter


Soziales

## D’Gemeng Conter gëtt Fairtrade

2019 huet d’Gemeng Conter als 35. Lëtzebuerger Gemeng de Fairtrade-Gemeng-Label kritt.

*En 2019 la commune de Contern a reçu le label communitaire „Fairtrade“.*



## Wifi4EU

Zanter 2022 gëtt et zu Conter bei der aler Schoul souwéi an der Sportshal „Um Ewent“, zu Éiter am Park Prënz Charles, zu Méideng am Kulturzenter an zu Mutfert am Park e gratis ëffentleche Wifi.

*Le Wifi public gratuit est disponible dans nos quatres villages.*



## Präisupassung: Iessen op Rieder

Awunner iwwer 65 Joer hunn d’Méiglechkeet, sech fir de Service Iessen op Rieder anzeschreiwen. Dëse Service bitt „livraison à domicile“ un, mat Molzechten, déi nëmme mussen erhëtzt ginn. D’Käschte leien zanter dem 1. Januar 2023 bei 13 Euro pro Iessen.

*Ajustement du prix du service „repas sur roues“*



## Dag vun den neien Awunner

2022 huet d’Gemeng en neien Event an d’Liewe geruff: den Dag vun den neien Awunner.
Hei hunn d’nei Bierger d’Méiglechkeet, sech iwwert d’Gemeng an hir Servicer ze informéieren.

*Première édition de la Journée des nouveaux habitants, au cours de laquelle les nouveaux habitants ont pu s’informer sur la commune et ses services*



## „Welcome Map“ fir nei Awunner

An der neier „Welcome Map“ fënnt een all wichteg Informatiounen op ee Bléck. 2022 ass dës Brochure fir d’éischte Kéier eisen Awunner presentéiert ginn. All nei Awunner kréien elo esou en Informatiounsdossier bei hirer Aschreiwung op der Gemeng.

*Nouvelle brochure d’information sur la commune et ses services disponible pour les citoyens*




## Potercafé

D’Gemeng organiséiert all Mount zesumme mat der Integratiounskommissioun e „Potercafé“. Dësen Event erlaabt et den Awunner, hir Sproochekompetenzen ze verbesseren an nei Kontakter ze knëppen.

*La commune organise chaque mois avec la commission de l’intégration un café des langues*






**Nei:** D’Feierstonn vum Drëtten Alter emol anescht – 2022 op dem Schëff Marie-Astrid mat engem gudde Mëttegiessen an Animatioun duerch d’Sandy Botsch

# Events an der Gemeng

- D'Integratiounswoch (Februar)
- D'Grouss Botz (freides virun der Ouschtervakanz)
- Den Europadag (9. Mee)
- D'Journée du mérite culturel, sportif et social (Juni)
- D'Nuit du Sport (Juni)
- Den Nationalfeierdag (23. Juni)
- D'Beach Days (Juli)
- De BD-Festival (drëtte Weekend am Juli)
- D'Mobilitéitswoch (16.-22. September)
- Den Dag vun den neien Awunner (Oktober)
- D'Journée de la commémoration (Oktober)
- Den Dag vum Bam (Oktober/November)
- D'Ëmweltwoch (Oktober/November)
- De Faire Genoss um Kaffisdësch (Oktober/November)
- D'Feierstonn vum Drëtten Alter (Oktober/November)
- De ContArt (Dezember)
- De Chrëschtmaart (Dezember)





# Corona-Pandemie

## Covid-Teststatioun am Gemengesall

Wärend der Covid-Pandemie konnten d'Awunner vun der Gemeng temporär gratis am Gemengesall op Covid-19 getest ginn.

*Centre de test Covid dans la mairie pour les citoyens*



## Liwwerservice fir vulnerabel Leit

D'Gemeng huet wärend der Corona-Pandemie e Liwwerservice fir Liewensmëttel, alldeeglech Objeten a Medikamenter lancéiert. Dës Offer war un eeler Leit (65+) an u vulnerabel Matbierger adresséiert.

*Mise en place d'un service de livraison pour les personnes vulnérables pendant la pandémie Covid-19*



## Eng Covid-Mask fir all Bierger

D'Gemeng huet 2021 all Awunner eng genormte Mask am neie Conter-Design geschenkt.

*Distribution de masques Covid à tous les citoyens de la commune*




## Eis Evenementer eemol anescht

Fir d'Verbreedung vum Coronavirus ze bekämpfen, huet d'Gemeng vun 2020 bis 2022 verschidden Eventer annuléiert oder an enger méi klenger Variant, mat manner Participanten an am Aklang mat de Covid-Reegelen, ofgehalen.

*Annulation ou adaptation (aux règles Covid) des événements de la commune*




Ukrain

## Centre d'accueil zu Mutfert

D'Gemeng Conter huet dem ONA („Office national de l'accueil") de Kulturzenter zu Mutfert iwwer Méint zur Verfügung gestallt, fir do Flüchtlingen, déi dréngend Hëllef gebraucht hunn, ënnerzebréngen.

*Mise en disposition du Centre culturel à Moutfort pour l'hébergement des réfugiés de l'Ukraine*



## Centre d'accueil Um Weiergewan

D'Regierung plangt, ukrainesch Flüchtlingen an engem neien Accueil an der Industriezon „Um Weiergewan" ënnerzebréngen. De Site gëtt nach ageriicht a bewunnbar gestalt.

*Mise en place d'un centre d'accueil pour les réfugiés dans la zone industrielle „Um Weiergewan" par le gouvernement*




## Sammelpunkt fir Ukrain-Flüchtlingen

Conter war déi éischt Gemeng zu Lëtzebuerg, déi eng Sammelstell fir Ukrain-Flüchtlingen ageriicht huet. D'Offer gouf vill benotzt – bis zu 1.000 ukrainesch Flüchtlingen pro Dag hunn hei Hëllefsgidder krut.

*La commune de Contern a été la première du pays à ouvrir un point de collecte pour les réfugiés d'Ukraine*







# Verschidden Ukeef

## 270 Hektar Bësch

D'Erhalung vun der Natur ass e wichtegen Engagement vum Schäfferot. Aus dësem Grond fërdert d'Gemeng aktiv de Besëtz vu gemengeneegenem Bësch an versicht, en och stänneg ze vergréisseren. Mëttlerweil zielt d'Gemeng 270 Hektar Bësch am Gemengebesëtz.

*Agrandissement et préservation active de la surface des forêts en possession de la commune*



## 450 Ar Ackerland

D'Gemeng huet an dëser Legislaturperiod iwwer 450 Ar Ackerland fir insgesamt ronn 670.000 Euro kaf.

*Acquisition de 450 ares de terres agricoles pour environ 670.000 euros*



## 35 Ar Bauterrain

D'Gemeng Conter huet 2019 Bauterrain vun enger Gréisst vun 35 Ar fir iwwer 1,23 Milliounen Euro kaf.

*Acquisition de 35 ares de terrain à bâtir pour plus de 1,23 million d'euros*



## Immobilien

D'Gemeng Conter huet iwwert d'lescht Joren divers Immobilië kaf, dorënner d'Conter Stuff, d'al Post zu Éiter an en Appartement zu Mutfert.

*Acquisition d'immobiliers divers pendant les dernières années*



# Statistiken

## Hochzäiten an eiser Gemeng

Wärend dëser Legislaturperiod hu sech 47 Koppelen an der Gemeng Conter bestuet. De Schäfferot huet fir 60 Gëllen Hochzäite gratuléiert. Nei: Säit dëser Legislaturperiod geet de Schäfferot bei d'Leit heem, fir hinne fir hir Diamantenhochzäit ze gratuléieren. Dëser gouf et der insgesamt 16.

*140 mariages, 60 noces d'or et 16 noces de diamant ont été célébrés pendant cette période législative.*



## Schäfferotssëtzungen

De Schäfferot trëfft sech zweemol d'Woch am Gemengenhaus fir Reunioune mat Bierger, Personal, der Police asw. Wärend senger Legislaturperiod huet de Schäfferot iwwer 5.000 Stonne laang Versammlungen ofgehalen.

*Le Collège échevinal s'est engagé plus de 5.000 heures en réunion avec les citoyens, le personnel, la police, etc.*



## Gemengerotssëtzungen


De Gemengerot trëfft sech am Joer tëschent 12 an 14 Mol, fir Resolutioune fir d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Bierger ze treffen. Dës Sëtzunge gi vun der Buergermeeschtesch Marion Zovilé-Braquet presidéiert.

*12 à 14 réunions du Conseil communal ont eu lieu par an, présidé par la bourgmestre Marion Zovilé-Braquet.*





**Vlnr (uewen):** Jim Schmitz (Conseiller, CSV), Jean-Jacques Arrensdorff (Conseiller, Déi Gréng), Yves Loose (Conseiller, CSV), Jean-Pierre Di Genova (Conseiller, CSV), Eric Eifes (Conseiller, DP), **vlnr (ënnen):** Geoffrey Thierie (Conseiller, LSAP), Laurence Wolter (Conseiller, Déi Gréng), Tom Jungblut (Schäffen, CSV), Marion Zovilé-Braquet (Buergermeeschtesch, CSV), Fernand Schiltz (Schäffen, LSAP), Dali Zhu (Conseiller, DP)



# Ustoend Projeten

## Erweiderung: Schoul „Um Ewent“

D’Gemeng huet e Plang, fir d’Zentralschoul „Um Ewent“ auszebauen, ausgeschafft. Domat gëtt d’Schoul op déi wuessend Unzuel u Schüler virbereet. D’Bauaarbechte solle viraussiichtlech nach 2023 ufänken. D’Käschte belafe sech op ronn 14 Milliounen Euro.

*Projet: extension de l’école „Um Ewent“*



## Erweiderung vun der Maison relais

E weidere Projet vum Schäfferot am Kontext vun der wuessender Unzuel un Awunner a Kanner an der Gemeng ass d’Erweiderung vun der „Maison relais“, déi sech um Schoulcampus „Um Ewent“ befënnt. D’Aarbechte solle viraussiichtlech nach 2023 ufänken.

*Projet: extension de la maison relais „Um Ewent“*



## Nei Sportshal „Um Ewent“

Nieft der Vergréisserung vun der Schoul an der „Maison relais“ gëtt och eng nei Sportshal um Schoulcampus gebaut. D’Aarbechte gi fir Fréijoer 2023 erwaart. Am Budget sinn insgesamt 13,4 Milliounen Euro ageplangt.

*Projet: nouveau hall sportif „Um Ewent“*



## Renovatioun vun der Conter Stuff

2023 fänkt d’Renovatioun vun der Conter Stuff un. Geplangt ass e Restaurant mat enger grousser Terrass an engem Béiergaart, eng Mikrobrauerei, eng BD-Bibliothéik a verschidde Multizweck-Säll. D’Aarbechte solle ronn 6,5 Milliounen Euro kaschten an ongeféier 2 Joer daueren.

*Projet: rénovation de la „Conter Stuff“*



## Tempo-30-Zon zu Conter

Am Duerfzentrum Conter, tëscht dem Henkeshaus an dem ale Schoulhaff, entsteet eng Tempo-30-Zon. Doriwwer hinaus sinn 3 Erhéijunge geplangt, d'Strooss gëtt méi schmuel an d'Trottoire gi méi breet gemaach. D'Käschte belafe sech op ronn 1,85 Milliounen Euro.

*Projet d'une zone 30 à Contern*



## Neit Gemengenhaus

Wou déi al Schoul zu Conter ass, soll en neit, gréissert Gemengenhaus gebaut ginn. Dat bestoend Gebai soll no hanne verlängert ginn. Den Devis gëtt nach berechent. D'Ausschreiwung vum Concours soll fir de Summer 2023 fäerdeg ginn.


*Projet: planification d'une nouvelle mairie*



## Vëloswee tëscht Conter an Hesper

Am Mäerz 2021 gouf zu Hesper en neie Vëloswee virgestallt. An dësem Kader hunn d'Gemenge Conter an Hesper verschidden Ëmweltstudien an Optrag ginn. Den Ament läit den Dossier beim Ëmweltministère.

*Les communes de Contern et Hesperange prévoient une piste cyclable entre les deux communes.*




## PAP Contern Sud II

Wou elo déi al Sportshal steet, soll de PAP Contern Sud II ëmgesat ginn, nodeems déi nei Sportshal „Um Ewent" gebaut gouf. Dëse Projet gesäit och de Bau vun zwee Appartementshaiser an engem Eefamilljenhaus vir.

*Réalisation du PAP Contern Sud II avec de nouveaux logements*





dynamesch engagéiert fir Iech

www.contern.lu

Version française en ligne :

English Version online:

**www.contern.lu/media-centre/publications**